

MÄERZEG HUET DEN KLIMAPAKT-GOLDAUDIT GEPACKT

Den 8. Juli 2020 ass d'Energie- a Klimapolitik vun der Gemeng Mäerzeg duerch déi national Auditorin Nathalie Moreau an den internationalen Auditor Leonard Meyer eng weider Kéier ënnert d'Lupp geholl ginn, nodeems am Dezember 2019 och schonn een Audit duerchgefouert ginn, ass wou d'Gemeng sech vu 54,3% am Joer 2015 op 68,9% konnt verbessern. Duerch d'Efforten an de leschte Méint war nach Potential an esou konnt bei dësem „Gold-Audit“ de ganz gudde Score vun 78% erreicht ginn.



D'Geleeënheet gouf och genotzt fir den Auditoren de Projet Mertzig4all virzestellen, och de Liichttuermprojet am Kader vum Klimapakt. D'Zil vun dësem Leader-Projet ass et den alternative Wirtschaftsmodell vun der Gemeinwohl-Ökonomie (www.ecogood.org) ze liewen an ze praktizéieren. No geschwënn zwee Joer Aarbecht steet do déi nächst Erausfuerderung virun der Dier. Dësen Dezember gëtt d'Gemeng Mäerzeg och do international auditéiert a kéint dann als Gemeinwohl-Ökonomie-Gemeng zertiféiert ginn, ee Novum zu Lëtzebuerg mam Zil, dass aner Gemengen aus der Region an dem Land sech och op dese spannende Wee beginn fir eng „Gemeinwohl-Bilanz“ z'erstellen a noer Zukunft.



Niewent dem Klimaberoder Rainer Tee- lar an dem Buergermeeschter Mike Poiré war d'Gemeng vertraueden duerch de Präzident vun der Mäerzeger „Grénger Kommissioun“ Marcel Barros an dem dynamische Personal aus dem Sekretariat, dem Service technique an der Regie. Donieft war de „Gemeinwohl-Ökonomie“-Beroder Gregor Waltersdorfer mat dobäi.

D'Saile vun der Mäerzeger Klimaschutzarbecht:

- Proaktiv Politik mat Fokus op Nohaltegkeet;
- Ambitionéierten Aarbechtsprogramm;
- Dynamesch a motivéiert Mataarbechter;
- Engagéiert a kreativ „Gréng Kommissioun“;
- Participatioun vu Bierger, Veräiner a Kommissiounen;
- Vernetzung mat regionalen, nationalen an internationalen Initiativen an Organisatiounen.

Während Stonnen si Froe beäntwert, Dokumenter studéiert, Ureegungen an Iddien ausgetosch ginn. Zum Schluss konnt dat ganz gutt Auditresultat vun 78% erreicht ginn. Zënter dem Klimapaktdag den 9. Oktober 2020 ass et offiziell, datt nieft de Gemengen Biekerech (Re-Audit), Ell an Useldeng, d'Gemeng Mäerzeg soumat déi véiert aus der Region Atert-Waark ass, déi belount ginn ass fir d'Efforten an der Energie- a Klimapolitik an de leschte Joren.



Gemeng Mäerzeg
22, rue Principale
L-9168 Mertzig
T 83 82 44-1
commune@mertzig.lu
www.mertzig.lu